Ried Guy Dockendorf
Präsident vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale
MUTFERT 30. Januar
Commemoratioun un de Massaker vun 91 jonke Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten zu Slonsk (Sonnenburg) (1945)
20223

Dir Dammen an dir Hären,

(1) All Joer gëtt hei am Land, zu verschiddenen historeschen Datummen, un den 2. Welkrich erënnert. Hei sinn di dräi éischt dervun:

- 27. Januar - deen Dag wou Auschwitz 1945 vun de sowjeteschen Truppen befreit gouw a wou Dausenden op den Doudesmäarsch ëmkomm sinn oder an de KZer ëmbruecht gouwwen
- 30./31. Januar Commemoratioun un de Massaker vun de 90 jonke Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierte zu Slonsk (Sonnenburg) (1945)
- 25. Februar (1944) wou am KZ Hinzert 23 Resistenzler brutal ëmbruecht gouwwen.

Dëst sinn nëmmen e puer ganz wichteg Datummen vun engem Krich, deen u Brutalitéit - wéi all Kricher ! - net ze beschreiwen ass.

Esou Datummen, esou Erënnerungsmomenter wéi déi vun haut zu Mutfert bleiwe wichteg, zanter dem Enn vum 2. Weltkrich. Effektiv hunn direkt nom Krich d'Resistenzler, d'Zwangsrekrutéiert a méi spéit och d'Affer vun der Shoah verschidde Vereenegungen gegrënnt. Hirt Zil war, an ass et nach haut, fir ëm di Doudeg ze traueren, mee och, sech dofir anzesetzen, dass hir Rechter an d'Erënnerung un dat Erlieftent unerkannt ginn.

Vill vun dësen Organisatiounen gi bis haut an der 1, 2. oder 3. Generatioun, geschwënn och a 4. Generatioun, gedroen. An dat ass gutt esou. Gutt war och d'Initiativ vun der Lëtzebuerger Regierung déi duurch d'Gesetz vum 21. Juni 2016 de *Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* geschaf huet.

Säin Optrag ass et, souwäit wéi méiglech, déi verschidden Erënnerungskulturen, déi schmäerzhaft an ënnerschiddlech sinn, mateneen ze reconciliéieren. Dëse Comité vertrëtt beim Staat d'Interesse vun de Resistenzler, den Zwangsrekrutéierten, der jiddescher Communautéit an den Affer vum Zweete Weltkrich am Allgemengen. Seng Memberen hunn och d'Missioun, d'Erënnerung lieweg ze halen.

(2) A propos Erënnerung: Wéi de 4. Dezember 2021 virun der Gëlle Fra vill vun eis Zeie gi sinn vun engem Ausbroch vun Haass a vu gewaltättegen Aktiounen an *hate speech*, hu mer verstan, datt mer, jiddereen op seng Aart a Weis, mussen eis Stëmm géint sou eng Menace géint eis Gesellschaft erhiewen.

Mir sinn d' Nokomme vun enger Generatioun, déi zum Deel dout sinn an nët méi schwätze kënnen a mir huelen eis Missioun als *porteurs de la mémoire* eescht. Mir hunn den Opdrag ëmmer nees drun ze erënneren datt den Nazi-terror an d'Nazi-propaganda op d'mannst 60 Millioune Mënscheliewe kascht hunn.

Mir wëllen d'Recht op Fräiheet an op geliewten Demokratie héich halen an dowéinst musse mir all deenen, déi eis demokratesch Grondrechter mëssbrauchen kloer Grenze setzen. A mer mussen eis ëmmer nees déi Wäerter, fir déi di Fraen a Männer, déi duurch d'Hell vum Nazi-terror gaange sinn, virun Aë féieren: Dialogbereetschaft, Respekt ee virun deem aneren, Respekt vun de Mënscherechter, national an international Solidaritéit.

Dofir maache mir en Appell un eis all, d'Zivilgesellschaft an d'Regierung, datt se sech allen Haasspriedegten, allen nationalisteschen Ideologien, alle rassisteschen, friemefeindlechen an antisemitischen Ausbréch vun Ufank u widdersetzen.

(3) Et bleiwt awer eng essentiell Fro: ass déi Gedenkaarbécht haut nach néideg? Ass se nach erwënscht? Huet et haut nach e Sënn sech iwwer d'Geschicht vum 2. Weltkrich ze informéieren?

Mir hunn dofir als *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* am September/Oktober 2021 eng onoofhängeg Enquete bei 1.000 Leit zu Lëtzebuerg an Opdrag ginn iwwer déi dote Froën. Dës Enquête huet 500 Lëtzebuerger*innen a 500 Nët-Lëtzebuerger*innen eng ganz Rei Froe gestallt.

Hei sinn, eng Rei vun den deelweis erstaunleche Konklusiounen:

- An de leschten 30 Joer huet d'Zuel vun de Leit zu Lëtzebuerg déi um 2. Weltkrich intresséiert sinn ëm 20 % zougeholl. 17% soen, datt se haut besser informéiert sinn wéi bei der leschter Enquête, där vun 1989. Wichteg: eng Majoritéit vun 52% wäre gäre nach besser informéiert iwwer den 2. Weltkrich!

- D'Étude weist och datt et d'Filmer sinn, déi de Leit dee beschten Abléck an d'Krichsgeschéie ginn ; 63 % ginn unn, datt se regelméisseg Filmer oder Documentairen iwwer den 2. Weltkrich kucken. Fir 39% sinn et awer och d'Témoignage vu Famill a vu Frënn déi se uspriechen. 36% liesen och Bicher iwwer d'Thema.

- De Sondage léiert eis awer och, datt nëmmen 11 resp. 3% sech fir Commemoratiounszeremonien, resp. Konferenzen iwwer den 2. WK intresséieren.

- Eng Majoritéit vu 54% huet uginn, datt se an hirem direkte Bekanntekreess e liewegen Zeien vun engem Krich, besonnesch vum 2. WK mee och vum Jugoslawie Krich an aner Konflikter hunn. Dat war 4 Méint ier Russland d'Ukraine iwwerfall huet... Allerdéngs waren am Oktober 2021 dräi Véirel vun de Leit iwwerzeecht datt et nees Krich kënnt ginn an et ware souguer 82% vun de Fraen, déi di Angscht ausgedréckt hunn.

Wann der de ganze Sondage (74 Säite) wëllt liesen, da gitt op d'Websäit *Etudes* vum CM2GM. D'Adress ass denkbar einfach: **c**omité pour la **m**émoire de la **2**e **g**uerre **mondiale** **https://cm2gm.lu**

(4) Eppes ass kloer: Ëmmer méi Leit sinn der Meenung datt ee vill méi muss ënnerhuelen fir d'Mémoire waakreg ze halen an aktiv sech fir de Fridden an ze setzen. Si suggeréieren virun allem dës Aktiounen:

- Témoignage vun de Leit, déi de Krich erliewt hunn, nees nei entdecken
- Dialog tëschent de verschiddene Generatiounen förderen
- de Projet Europa als grousse Friddensprojet nei entdecken
- Studiereese an di fréier Konzentratiouns- a Vernichtungslager
- die modern Medien pädagogesch asetzen
- der Geschicht vum 2. Weltkrich méi Plaz am Geschichtsunterrécht ginn
- vill méi geziilt Friddensaarbécht am Alldag maachen

Ech mengen am Numm vum Comité schwätzen ze kënnen, wann ech soen datt mer di lescht 6 Joer probéiert hunn grad mat de jonke Generatiounen a Kontakt ze kommen. An dat an der Suite vun eise Mammen a Pappen, déi vun der 1. Generatioun, déi - eenzelner während 30 oder 40 Joeren - a Schoule gaange sinn, mat Jugendlechern op Studiereese an d'lieux de mémoire gaange sinn an Témoignage ginn hunn.

Mir stelle fest, datt di 3. Generatioun immens motivéiert ass an hir eege Weeër a Methoden entwéckelt, fir ze verstoen, wat deemools geschitt ass. Et sinn ëmmer méi jonk Leit déi sech ëmfroen, déi mat op Gedenkreese ginn, déi eegen Initiativen an hirer Schoul oder hirem Frëndeskrees entwéckelen. Deenen déi soen *Et muss een eppes fir di Jonk maachen!* hale mir entgéint: *Komm, mer maachen eppes MAT hinnen. Oder: komm mir loossen Sie eppes mat eis maachen!* Grad di lescht Joeren hu gewisen, datt hir Initiativen eis vill bäibrénge kënnen. Dat miirkt een bei Äre Gedenkfeieren fir d'Jongen a Meedercher, dat miirkt ee bei de nationale *Journées de la Commémoration national a Journées de la Résistance an* dat miirkt ee bei all deene Schoulen, déi bei der Rucksakbibliothéik eng aktiv Roll iwwerholl hunn. An et miirkt een bei der Compositioun vun de Membere vum 3. Mandat vum Comité, deen den 11. November 2022 ugefaang huet: Zéng (10) vun de 36 Memberen representéieren di 3. Generatioun. Och dat mécht Courage!

(5) A propos Geschichtschreiwung

Mir mussen eis och asetzen datt d'Geschichtsschreiwung vun haut och Plaz behält fir Eenzelschicksaler wéi déi vun den 91 jonke Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten un déi mer haut erënneren. Sou wéi et de Bernard Thomas a sengem Leitartikel vum 13. Januar 2023 am *Lëtzebuerger Land* schreiwt wou en di nei Brochure vum SIP «*à propos... de l'histoire du Luxembourg*» vum 20.12.2022 analyséiert:

«Or, la nouvelle histoire officielle, (...), reste largement dénuée d'émotions et de figures d'identification. La réinvention d'un grand récit hégémonique, capable de fédérer une identité collective n'est probablement plus possible, ni souhaitable.»

Mir brauchen eng gemeinsam Erënnerung déi eis verbënnt. Den CM2GM huet mat sengen 3 Communautéiten (Victimes de la Shoah, Enrôlés de Force, Resistenz) virun 2 Joer eng Brochure iwwer den 2. Weltkrich erausbruecht. Si bréngt et fäerdeg fir historesch Tatsaachen MAT den Emotiounen vun eenzelnen Témoinsën ze verbannen. Dës Brochure vu 34 Säiten kënnt Der op lëtzebuergesch, franséisch, däitsch oder englesch als PDF ob eiser Websäit eroflueden.

(6) An elo? All eis Communautéiten hunn eng ganz grouss Kollektioun vun Témoignagen, vun Erliewnisberichter, geschriwwen oder erzielt vun deene Fraen a Männer déi de Krich ënnert sénge verschiddene Formen, u Leiw a Séil, erliewt hunn. Dat si keng Heldengeschichten oder opgebauschte Erliewnisser: si si wichteg, fir datt mer haut nach e bësse kënne verstoën wat den Alldag war! Ganz vill vun deenen Témoignagen fënnt een och op eiser Websäit.

Erënnere fir ze verstoen! Dat ass zanter iwwer 50 Joer de Motto vun der Lëtzebuerger Amicale vu Mauthausen, déi zanter 1968 mat Jugendlechen d'KZ Mauthausen a seng Niewelager besiche geet. Do geet et nët drëm fir Haass ze séien, mee de Jugendlechen d'Geleeënheet gin op deene Plazen besser ze verstoen zu wat Mënschen capabel sinn an doraus Lektiounen fir den Alldag ze zéien.

Mäin Appell haut geet un all déi, déi sech ëm eng éierlech Gedenkaarbécht beméien, an hire Federatiounen, Amicalen oder a Museeën, datt se deene gerecht ginn, déi sech fir hir Famill an hiirt Land agesat hunn.